piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/01/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

De Bauerenhaff zu Äischer (Kadasternummer 236/2105) an der Gemeng Kiischpelt gouf 2023 vun der Denkmalschutzkommissioun (COPAC) als nationaalt kulturellt Ierwen agestuuft an ass, der fachlecher Bewäertung no, ee gutt Beispill vum ländleche Ierwen am Éislek.

An der Tëschenzäit ass d'Gebai awer ëmmer weider verfall a lescht Joer ass souguer den Daach vun der Scheier agefall, trotz Warnunge vun der Gemengeverwaltung un de Kulturministère, wéi een Artikel op RTL Today vum 26ten November geschriwwen huet. Wéinst dem spéiden Handelen huet een Deel vum geschützte Gebai dowéinst och nach ofgerappt musse ginn. Et schéngt, wéi wann et méi einfach wier, fir een denkmalgeschütztent Gebai ofzerappen, wéi derfir ze suergen, datt et net verfält.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister erklären, firwat de Bauerenhaff zu Äischer, trotz de Warnunge vun der Gemeng, iwwert déi lescht Jore verfale konnt?

2. Huet de Kulturministère hei an de leschte Jore konkret Schutzmoossnamen ergraff?
    - Falls jo, wéi eng Moossnahmen a firwat hunn dës net funktionéiert?
    - Falls nee, firwat huet de Kulturministère net agegraff?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés